




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 18 FEV. 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°218 du 17 janvier 2019 de l'honorable députée Madame Octavie Modert, concernant le passage pour piétons « op der Schanz », tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François BAUSCH, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op parlamentaresch Ufro n°218 vum 17. Januar 2019 vun der Madame Octavie Modert

An hirer parlamentarescher Ufro wollt d'honorabel Deputéiert Octavie Modert sech iwwert d'Bushaltestell "Kräizenhéicht" an dem domat verbonnenen Iwwerquiere vun der Europä-/Nationalstrooss (E29/N11) op der Héicht vun der Uertschaft "op der Schanz" informéieren.

Déi zoustänneg Autoritéiten, d'Gemeng Bech an och d'Stroossebauverwaltung sinn sech bewosst dass d'Sécherheet fir d'Foussgänger, déi déi dräispurég Strooss E29/N11. mussen iwwerquiere fir op d'Bushaltestell op der Kräizenhéicht respektiv fir a Richtung Duerf ze goen, muss verbessert ginn. Wéinst dem Iwwerquiere vun dräi Spuren an der Onméiglechkeet fir eng Mëttelinsel op dëser Plaz anzeriichten, ass et net méiglech fir hei een Iwwergang fir Foussgänger unzeleeën. Déi bescht Moosnam ass deemno eng Ennerféierung unzeleeën, esou dat d'Foussgänger an aller Sécherheet kënnen ënnert der Hauptstrooss duerchgoe fir ouni grouss Ëmweeër op déi aner Stroossesäit ze kommen.

Zënter 2014 gëtt um Projet vun enger Ennerféierung geschafft. Fir d'Kräizung ze entschäerfen, gesäit dëse Projet och nach d'Uleeë vun enger Ofbéispur a Richtung Kräizenhéicht vir, dat wann ee vun lechternach hier iwwert d'E29/N11 kënnt.

Den détailléierte Virentwurf gëtt am zweeten Trimester 2019 presentéiert. D'Ausschreiwung ass fir Enn 2019 geplangt an den Ufank vun den Aarbechten déi ronn en halleft Joer dauere, fir d'Joer 2020. De gesämt Käschtepunkt gëtt op ronn 700 000 Euro geschat.